

d' Peffermillen

De Koschter fénnt et wêi sou vill Leit aarmséileg a verbruert, dass den Techternacher Schefferot d'Löschenhäus zerstéiere gelooss huet. Souvill kriminellt Schildbürgertum an uesseg Klatzkäppegkeet hätt ee bal nêt fir méiglech gehal. E fénnt et awer juristesche nêt richtig, dass de Kulturminister och soll derfier verantwortlech gemaach gin, dee schliesslech di ausländesch Gutachten fir eng Erhaltung ugefrot hat. D'Verantwortung op Regierungsniveau dréit villmêi den Innenminister, deen, ouni nozedenken an ouni séng Kollegen ze froen, säi Krop ënnert d'Erlabnis zum Ofrappen gesat huet. csst.

De Koschter huet héieren, am dësjähregen Recyclage fir Paschtéier, wat jo eng durchaus begréissenswert a noutwenneg Initiativ as, wärend als Themen viergesin:

1) "Neue Perspektiven in der ethischen Prinzipienlehre"

2) "Zur Theologie und Verkündigung des Lebens Jesu.

Einführung in eine zeitgemässe Theologie der Mysterien Christi am Beispiel der Taufe und Versuchung Jesu."

Et as also kee Wonner, wann sech un der pastoralen Situation an Zukunft näischt verbessert. m.p.

De Koschter war frou ze liesen, dass di Verantwortlech vum "Pélé des Jeunes" an der Oktav gesicht hun, Glawensausdrock a politesch Aktioun ze verbannen, an esou deen traditionellen Oktavfolklore ze duerchbriechen. Mat hierem Bréif un de Staatsminister an deem se e gesetzlecht Statut fier Entwécklungshelfer fuerderen, hun sie, no muench aneren Organisatiounen (AFC, ë.a.) d'Regierung op e neis op eent vun hiere bis haut nêt gehale Verspriechen opmierksam gemaacht (vgl. "forum", No 11/76). Nêt ganz d'accord as de Koschter awer mat der Fuerderung, ouni Kommentar jhust dem CSV-Deputéierten J. Santer säi Gesetzprojet opzegräifen. Dëse Projet hat den CSV-Minister J. Dupong nämlech schöspéitestens 1969 am Regierungstirang leien a war mat sénge Regierungskolegen net ëmstand ën op de legislative Wee ze bréngen. Ofgesin dovun weist och dee präzise Projet verschidde grave entwécklungspolitesch Mängel op. m.p.